



PROFILERSTELLUNG



3.1. D'VIIRAUSETZUNGE FIR ENG ERFOLLEGRÄICH REGISTRÉIERUNG ALS BABYSITTER:IN

Interesséiert Babysitter:innen hunn d'Méiglechkeet, sech op Babysitting.lu e Profil ze kreéieren. Dofir ass et néideg, d'perséinlech Donnéeën anzeginn an hiren Zertifikat, den si no enger erfollegräicher ofgeschlosser Babysitter-Formatioun kritt hunn, eropzelueden, fir d'Richtigkeet vun den Informatiounen ze confirméieren.

Fir de Profil op der Websäit ze vervollstännegen, kann zousätzlech e Profilbild eropgeluede ginn.

No der Registréierung vun den Donnéeë ginn dës vum zoustännege lokale Partner iwwerpréift an de Profil gëtt aktivéiert. D'Lëscht vun de lokale Partner, déi d'Elteren/Tuteuren an d'Babysitter:innen verwalten, ass op Babysitting.lu ënner der Rubrik "Partner" verfügbar.

Babysitter:innen kënnen sech réischt bei Elteren/Tuteuren fir eng Babysitting-Sessioun mellen, nodeems si sech op der Plattform registréiert hunn a vum zoustännege lokale Partner aktivéiert goufen.

let d'Elteren/Tuteuren d'Iwwersiicht vun den Informatiounen vun de Babysitter:innen kréien, müssen si sech op der Plattform registréieren a vum zoustännege lokale Partner aktivéiert ginn. D'Kontrolléieren virun der Aktivéierung vu béiden Parteien déngt dozou, e Mindestmooss u Sécherheet ze garantéieren a géint Bedruch ze schützen.

D'Viraussetzung fir d'Registréierung op der Internetplattform an d'Fuerderungen un d'Jugendlecher garantéieren, datt nëmme qualifizéiert Jugendlecher an d'Babysitterverzechnis opgeholl ginn, wat e kloert Qualitätsmerkmal vum Service ass.

Fir d'Qualitéit vun de Profilfotoen ze garantéieren, sinn zesumme mat de Partnern d'Do's & Don'ts bei Profilbiller ausgeschafft ginn, fir déi beschtméiglech Matches tëschent de Babysitter:innen an Elteren/Tuteuren ze fërderen an de Babysitter:innen hir Chancen op ee Babysitting net duerch eng onglécklech Foto ze verréngeren.



3.2. D'VIIRAUSSSETZUNGE FIR ENG ERFOLLEGRÄICH REGISTRÉIERUNG ALS ELTEREN/TUTEUREN

Interesséiert Elteren/Tuteuren hunn d'Méiglechkeet, sech op Babysitting.lu e Profil ze erstellen. Dëst erfuerdert, dass si hir perséinlech Donnéeën aginn an eng, vun der Gemeng oder vu myguichet.lu ausgestallt, detailléiert Wunnsätzbescheinigung (Certificat de résidence élargi) eropzelueden, fir d'Richtigkeet vun den ageschriwwene Informatiounen ze bestätegen.

No der Registréierung vun den Donnéeë ginn dës vum zoustännege lokale Partner iwwerpréift an d'Konto gëtt aktivéiert. D'Lëscht vun de lokale Partner, déi d'Elteren/Tuteuren an d'Babysitter:innen verwalten, ass op Babysitting.lu ënner der Rubrik "Partner" verfügbar.

Elteren/Tuteuren kréie réischt Abléck op d'Informatiounen vun de Babysitter:innen, nodeems si sech op der Plattform registréiert hunn a vum zoustännege lokale Partner aktivéiert goufen.

D'Kontroll virun der Aktivatioun vu béide Parteien (Elteren/Tuteuren a Babysitter:innen) déngt dozou, e Mindestmoos u Sécherheet ze garantéieren a viru Bedruch ze schützen.

Fir d'Qualitéit vun de Profilfotoen ze garantéieren, sinn zesumme mat de Partneren d'Do's & Don'ts bei Profibiller ausgeschafft ginn, fir déi beschtméiglech Matches tëschent de Babysitter:innen an Elteren/Tuteuren ze fërderen an de Babysitter:innen hir Chancen op ee Babysitting net duerch eng onglécklech Foto ze verréngeren.



